## Entstinn do Käschte fir eisen Service?

Am Fong geholl net! Déi Formatiounen op Mooss sinn Deel vun der Präventiounsstrategie vum Service psychosocial: Eis Missioun ass et, an der Fonction publique iwwert d'Risiken fir d'psychesch Gesondheet op der Aarbecht ze informéieren an iwwer Léisungsstrategien fir gesond ze bleiwen, opzeklären.

Natierlech musst Dir déi Schaffzäit vun Ären Agenten a Rechnung stellen. Wann Dir déi Formatioun an engem flotten Kader maachen oder eppes fir ze lessen offréiere wëllt, entstinn och deementspriechend Käschten.

Jee no Formule besteet och d'Méiglechkeet, a Kooperatioun mam INAP déi Formatiounen fir d'Agenten zertifiéieren ze loossen.

KONTAKT

**Service Psychosocial**

35, rue de Bonnevoie
(INAP-Gebai, 3. Stack)
L-1950 Luxembourg

**T** (+352) 247-73100
**E** service-psychosocial@csqt.etat.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique
et de la Réforme administrative

# Formatioun op Mooss

De Service psychosocial bitt all Equipe an der Fonction publique – sief et an engem Ministère, enger Administratioun, engem Service, enger Gemeng oder och engem Etablissement public – Formatiounen a Konferenzen op Mooss un.



Qualité de vie au travail

## Mir forméieren lech zum Beispill a folgende Beräicher:

**Psychosozial Risiken op der Aarbecht** – Analys an Interventioun

**Richteg streiden** – Konflikter op eng professionell a respektvoll Aart a Weis ausdroen

**Zesumme schaffen** – wéi mierken ech, dass et mengem Aarbechtskolleg net gutt geet?

**Éischt psychologesch Hëllef** – wéi kann ech engem Aarbechtskolleg hëllefen, deen an enger Kris ass?

**Konferenzen zu Theme ronderëm d'psychesch Gesondheet op der Aarbecht:** Zeréckkommen op d'Aarbecht no laanger Krankheet, psychosozial Risiken, Burnout, Konflikter, Mobbing, Depressioun, Ängschten, Ofhängegkeet ...

**Teamsupervisiounen** fir Equippen, déi ëmmer erëm mat schwierege Situatiounen op hirer Aarbechtsplaz konfrontéiert sinn.

## Fallbeispill:

### Administratioun ABC (zirka 100 Mataarbechter); Equipe XY mat 8 Agenten, wou vill Konflikter sinn

1. De Responsabel vun de Ressources humaines kontaktéiert de Service psychosocial, well et ëmmer méi Krankmeldungen an der Equipe XY gëtt an dem Konflikt net bäizekommen ass.
2. Eng direkt Konfliktinterventioun an der Equipe, déi vum Service psychosocial proposéiert gouf, ass aus organisatoresch Grënn eréischt an zwee Méint méiglech.
3. En attendant, presentéiert de Service psychosocial fir d'ganz Administratioun all 14 Deeg eng Konferenz „Lunch & Learn" (1,5 Stonnen iwwert d'Mëttesstonn; d'Administratioun steiert Bréidercher a Gedrénks bäi). Themen: 1. Psychosozial Risiken op der Aarbecht minimiséieren, 2. Richteg nolauschteren, 3. Respektvoll matenee schwätzen, 4. Burnoutpräventioun.
4. Iwwert d'Konferenze kréien och déi Agenten aus der Konflikt-Equipe Kontakt mam Service psychosocial. No der Konferenz froen zwee Leit eng vertraulech Berodung un.
5. An der Konfliktinterventioun zwee Méint méi spéit kann op den Themen opgebaut ginn, déi an de Konferenzen scho lancéiert goufen. Déi Persounen, déi vun enger individueller Berodung profitéiert hunn, kënne sech do op d'Konfliktinterventioun virbereeden.

## Wéi organiséiert een esou eng Formatioun/ Konferenz?

**Huelt fir d'éischt mol Kontakt mam Service psychosocial op.**

Mir kucke mat lech zesummen, wat fir e Besoin Dir genee hutt: Geet et éischter ëm eng reng Präventioun? Ass schonn e Problem do, mee Dir wëllt fir d'éischt mol virsiichteg an esou en Thema eraklammen? Gëtt et e konkrete Besoin fir eng spezifesch Formatioun? Asw. asf.

Da kucke mir, wat Är Ressourcë sinn: Hutt Dir zwee Deeg Zäit? Wëllt Dir éischter eppes Klenges iwwert d'Mëttesstonn organiséieren? Oder fir dräi Stonnen? Oder léiwer eppes Regelméisseges iwwert e puer Méint? Wéivill Leit schwätzt Dir un? Ass déi Bedeelegung fräiwëlleg oder obligatoresch?

Deementspriechend schaffe mir dann eng individuell Offer fir lech aus.

